ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 19/03/2025

Rapport vun der Jugendkommissioun

Kommissioun (24.02.2025)

Presenzen

Present	Net present
Samantha Fernandez Lara Georges Lynn Mangen Marie Sadler Aloyse Kieffer Jyll Duschinger Noah Edert Leo Toum Rosie Brandenburger Frank Conrad	Jordan Pires (entschëllegt)

• Biisser Jugendhaus

- D'Jugendhaus schéckt dem Lynn Mangen am Laf vun der nächster Woch (03.03-09.03) eng Email mat den Aktivitéiten. D'Lynn Mangen deelt de fäerdege Flyer esouwéi den Iwwerbléck iwwert d'Aktivitéiten am Whatsapp-Grupp mat.
- De Projet fënnt u follgenden Datumer an Zäite statt: de 15. an de 17. Abrëll, Mëttes vu 14 -16 Auer; de 22. an den 24. Abrëll, Nomëttes ab 17 Auer.
- D'Biisser Jugendhaus mëscht no dësem Projet ee klenge Bericht fir d'Jugendkommissioun (Wéini si wéi vill Jugendlecher do gewiescht, asw.)

Helperknapp, 19/03/2025

- Wichteg ze ënnersträiche bei dësem Projet ass, dass déi Jonk aus der Gemeng, déi gären an d'Biisser Jugendhaus goe wëllen sech net am Viraus umelle mussen.
- D'Lynn Mangen informéiert ass doriwwer, dass de Leader mat verschiddenen Jugendhaiser un engem Konzept "Jugendbus" schafft. Dësen "Jugendbus" soll den Transport vun de Jugendlecher an d'Jugendhaiser garantéieren.

Flyer vum Projet

- D'Responsabel vum Biisser Jugendhaus gouf ëm hiren Avis gefrot a punkto Publicitéit vun eise Projet: si ass der Meenung dass d'Ausdeele vu Flyeren déi beschten Optioun ass.
- Mir entscheeden, dass d'Flyere vun eisem Projet iwwert d'Gemeng à "toutes boîtes" verdeelt solle ginn.
- Dës Weidere soll de Flyer als A3-Format an d'Bushaisecher opgehaange ginn.
- Et ass wichteg, dass um Flyer nierft den organiséierten Navetten op d'Méiglechkeet vum ëffentlechen Transport opmierksam gemaach sollt ginn. Ausserdeem soll kloer niddergeschriwwe sinn um Flyer dass weder Biisser Jugendhaus nach d'Jugendkommissioun responsabel ass fir déi Jugendlech.
- Mir hale fest, dass ee QR – Code mat op de Flyer geprint sollt ginn, wou de Lieser méi Détailler zum Projet ka kréien.

• Open Air Kino

- Déi follgend Filmer ginn um Open Air Kino vu Sunset Cinema gewisen:
    - Freides, 11.07.25 – géint 20 Auer : - The little Mermaid (däitsch)
    - Samsdes, 12.07.25 – géint 17 Auer : Kanner – De Fox a Fonsi retten de Bësch
    - Samsdes, 12.07.25 - : Top Gun: Maverick (englësch), mat däitschen Ënnertitel
- D'Marie Sadler leet eise Choix vun de Filmer un d'Firma Sunsetcinema weider.
- Mir hale fest, dass mir dëst Joer kee Veräin aus der Gemeng fir de Verkaf vum Gedrénks froen, mee dëst sëlwer als Jugendkommissioun organiséieren.
- De Flyer vum Openairkino soll an der Woch vun Nationalfeierdag an der Gemeng vun eise Memberen ausgedeelt ginn (23.06-29.06). D'Event sollt awer schonn éischter op de soziale Medien vun der Gemeng publizéiert ginn.
- Mir halen zesumme fest, baséierend op den Erfarunge vun de leschten Editiounen, dass mir Äschebecher bei d'Entréespaart stelle wäerten. Eis ass ganz bewosst dass d'Fëmmen um Campus verbueden ass. Mir wëlle mir domadder vermeiden , dass d' Zigaretten op de Buedem geheit ginn.

Helperknapp, 19/03/2025

- Mir diskutéieren nach eng Kéier doriwwer op mir fir den Open Air Kino Navetten ubidde sollen. Mir entscheeden eis dofir, dass mir keng Navette fir den Open Air Kino organiséieren.
- D'Iddi ass opkomm fir de Flyer vum Open Air Kino an de Foyer Marienthal droen ze goen. Wann d'Nofro sollt grouss ginn, da géife mir als Jugendkommissioun eng Navette fir de Foyer organiséieren. D'Marie Sadler këmmert sech dorëms.
- Mir hale fest, dass d'Gedrénks zum Akafspräis verkaf gëtt, fir dass mir als Jugendkommissioun kee Benefice maachen.

3. Divers

/